ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro, iwwer déi politesch Roll vun der Groussherzogin, un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Et ass mir zu Ouere komm, datt eng feministesch Organisatioun plangt, H.K.A. d'Groussherzogin vu Lëtzebuerg, ze froen fir Hiren héije Patronage enger Manifestatioun mat politeschem Charakter ze accordéieren. Konkret geet et och nach em eng oppe männerfeindlech Initiativ, déi wuel iwwer déi weiblech Affer vu Gewalt schwätzt, net awer iwwer déi männlech, an déi d'Männer stereotyp als Täter an d'Fraen ëmmer nëmmen als Affer vu Männergewalt duerstellt- Weder gëtt iwwer weiblech Täter geschwat, nach iwwer Männer als Affer vu Fraegewalt. Déi Organisatioun soll schonn éischt Kontakter opgeholl hunn.

Dowéinst wollt ech dem Här Staatsminister dës Froe stellen:

1. Géing d'Regierung et fir opportun halen, datt H.K.A. d'Groussherzogin, Hiren héije Patronage enger politescher Manifestatioun géing accordéieren?
2. Misst H.K.A d'Groussherzogin, sollt Si Sech wëllen an eng Manifestatioun mat politeschem Charakter engagéieren, wann iwwerhaapt, dat dann net als Privatpersoun maachen an net mat iergend engem offiziellen Titel?
3. Kéint H.K.A. d'Groussherzogin temporär oder definitiv Hiren Titel als Groussherzogin nidderleeën wa Si Sech wéilt politesch engagéieren?
4. Gesäit d'Regierung net eng Gefor vun der Politiséierung vun der Monarchie, wann den Haff géing en héige Patronage, z.B. fir politesch oder, wéi hei anscheinend vun enger feministescher Organisatioun geplangt, sexistesch a männerfeindlech Aktivitéiten iwwerhuelen?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

5. Well H.K.A. keng institutionell oder konstitutionell Funktioun huet, wéi wär an esou engem Fall déi ministeriell Responsabilitéit fir eventuell politesch Äusserungen oder Aktivitéiten vun H.K.A. der Groussherzogin gereegelt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten